LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la coopération
au développement et
de l'action humanitaire

LUXEMBOURG
AID & DEVELOPMENT

# Deklaratioun iwwert d'Lëtzebuerger Entwécklungspolitik

presentéiert vum

**Här Franz FAYOT,**
Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten

an der Chamber
den 15. November 2022

**ËNNERT EMBARGO BIS DEN 15. NOVEMBER UM 14H30**

*Et zielt dat geschwatent Wuert*

Här President,

Léif Deputéiert, Dir Dammen an Dir Hären,

## 1. INTRO - POST COVID SITUATIOUN – KRISESITUATIOUN

Wéi ech d'lescht Joer hei op dëser Tribün meng Deklaratioun iwwert d'Kooperatiounszesummenaarbecht an d'humanitär Aktioun gemaach hunn, hunn ech gesot, dass mir géingen d'Liicht um Enn vum Tunnel gesinn. Liicht um Enn vum Tunnel, well mir lues a lues am gaang waren, aus der Pandemie vum Covid-19 a senge Konsequenzen erauszekommen. Mir hate gehofft, dass mir déi Réckschléi, di mir a Saachen Aarmut, Ernierung, Educatioun a Sécherheet erlieft hunn, erëm kéinten séier iwwerwannen. Dat ass awer leider net de Fall; säit dem 24. Februar ass d'Welt eng aner. An haut ass déi Luucht um Enn vum Tunnel bei ons, mee insbesonnesch op ville Plazen uechtert d'Welt, leider erëm e bësse manner hell. D'Konsequenzen vun dem inakzeptabelen russeschen Aggressiounskrich sinn iwwerall op der Welt ze spieren. D'extrem Aarmut geet erop, an d'Liewensmëttelsécherheet erof. D'Situatioun ass dramatesch a riskéiert sech nach ze verschlëmmeren.

Wéi d'Weltbank virum engem Mount gemellt huet, gëtt et ëmmer méi schwéier ons Zil ze erreechen, d'extrem Aarmut bis 2030 auszemäerzen. Si prognostizéiert, dass bis 2030 nach ëmmer 574 Milliounen Leit, also 7% vun der Weltbevëlkerung, mat manner wéi 2,15 Dollar am Dag iwwerliewe mussen, déi meescht dovun an Afrika. Duerch de russeschen Aggressiounskrich an der Ukrain a senge Konsequenzen, gëtt d'Ereechen vun onsen Ziler nach méi schwéier.

Mee wann dëse Krich munch Problemer an der Welt nach verstäerkt huet, sou huet en se awer net all ausgeléist. Liewensmëttelonsécherheet an Aarmut; extrem Wiederphenomener als Konsequenz vum Klimawandel; Dréchenten an Iwwerschwemmungen; ekonomesch Instabilitéit; Präisdeierecht a ganz héich Staatsverschëldung; allgemeng Onsécherheet: dat sinn alles Phenomener déi mir leider säit laangem kennen an déi sech géigesäiteg verstäerken. All des Krisen sinn am gaang sech zu enger globaler Polykris ze forméieren.

Wéi den David Beasley, den Directeur exécutif vum Welternärungsprogramm, dem PAM, seet, si mir an engem "perfect storm within a perfect storm". E perfekten – heftege – Stuerm, ausgeléist vu Covid, Konflikter, a Klimaschocken. D'Welt brennt. An dofir kann an däerf ons Äntwert sech och net just op d'Reaktioun op déi aktuell Situatioun beschränken. Déi Erausfuerderunge virun deene mir stinn, sinn enorm.

## 2. UKRAIN

Wann een un déi sëllech humanitär Krisen denkt, da kënnt engem natierlech direkt dat schrecklecht Leed an der Ukrain an de Kapp. D'Konsequenze vu deem Krich si gewalteg, genau sou wéi d'Besoinen. Déi aktuell Schätzungen soen, dass eleng fir den Erëmopbau vun der Ukrain 349 Milliarden US-Dollar wäerte gebraucht ginn. Deen Opbau wäert ganz laang daueren an och mir wäerten do ganz sécher onsen Deel dozou bäidroen.

Säit dem Ugrëff de 24. Februar, huet d'Lëtzebuerger Kooperatioun iwwert 4 Milliounen Euro a Form vu finanzieller humanitärer Hëllef fir d'Ukrain mobiliséiert. Zousätzlech zu dëse finanzielle

Contributiounen hu mir och materiell Donen gemaach, wéi déi 700.000 Covid-Schnelltester oder och déi 50 Tonnen Feierläsch-Ekipementer a Medikamenter, déi Lëtzebuerg geliwwert huet.

Mee mir musse méi maachen. De Wanter steet virun der Dier an domat ginn d'Besoinen weider erop. Dofier wäerte mir elo nach zousätzlech 4 Milliounen Euro deblockéieren an eis Hëllef domat fir de Wanter verduebelen. Mir mussen eis op e laangwierege Rekonstruktiounsprozess vun der Ukrain astellen. A soubal d'Situatioun et zouléisst, musse mir prett sinn, zu engem nohaltegen Erëmopbau bäizedroen. Fir esou e Mammutprojet wäert de Kooperatiounsbudget awer net duergoen a mir mussen dann ënnert anerem och op déi makrofinanziell Systemer an op de Privatsecteur zréckgräifen.

### 3. SÉCURITÉ ALIMENTAIRE

Dir Dammen an Häeren,

De Krich an der Ukrain huet natierlech net just Konsequenzen op ons zu Lëtzebuerg an an Europa. De Krich an der Ukrain huet en Impakt op der ganzer Welt, an insbesonnesch op déi Schwächst. En huet d'Liewensmëttelonsécherheet op der Welt nach verschäerft.

Ons Kooperatioun ass säit laange Joren am deem Beräich aktiv. An déi aktuell Situatioun weist ons, wéi wichteg a richteg et war a bleift, fir sech verstäerkt deem Thema ze widmen. Ech soen "deem Thema", mee et ass net just een Thema. Liewensmëttelsécherheet ass un der Schnëttstell vu ganz ville Phenomener a betrëfft ganz vill Beräicher.

Se betrëfft dat Humanitärt, well et kuerzfristeg selbstverständlech dorëms geet fir den akuten Honger ze bekämpfen. Mee se betrëfft och d'Entwécklungszesummenaarbecht, well et wichteg ass, d'Ernärungssystemer laangfristeg esou resilient ze maachen dass mir d'Ernärungsécherheet kënne garantéieren.

An et geet wäit doriwwer eraus. Et betrëfft d'Klimapolitik an de Klimawandel, well d'extrem Wiederphenonmener wéi Dréchenten oder Iwwerschwemmungen, natierlech en Afloss op d'Liewensmëttelsécherheet hunn. Se huet och en Impakt op d'Sécherheet an onse Partnerlänner an doriwwer eraus, well d'Ernärungsonsécherheet zu Verdeelungskämpf féiert. An dës féieren zu Konflikter an zu enger ëmmer méi grousser Onsécherheet déi hirersäits zu grousse Flüchtlingsstréim féiert. Ech konnt dat mat mengen eegenen Ae gesinn, wéi ech am Juni mam Premier am Niger de Flüchtlingscamp vun Ouallam, südwestlech vun Niamey besicht hunn: do liewen dausende Frae, Männer a Kanner zesummegepercht op enger Plaz wou et wéineg Waasser an Ernierung gëtt, just well se an hirem Duerf net méi sécher géint Attacke vun Terroriste sinn.
D'Fro vun der Liewensmëttelsécherheet spillt also eng zentral Roll an der Bekämpfung vum Honger a vun der Aarmut.

## 3.1. Efforten vun der Lëtzebuerger Kooperatioun am Beräich Liewensmëttelsécherheet

Wéi seriö mir dee Sujet huelen, gesäit een un onsen Aktiounen an dësem Beräich. 2021 hu mir 10% vun onserer APD eleng fir Projeten am Beräich vun der Agrikultur, der Agro-écologie an de Basisnarungsmëttel *investéiert*. 10% vun onserer APD, dat si gutt 40 Milliounen Euro. Fir 2022 wäerte mir des 10% viraussiichtlech mat iwwer 60 Milliounen Euro wäit iwwerschreiden.

Dee gréissten Deel dovu sinn an d'landwirtschaftlech Entwécklung an onse Partnerlänner gaangen. Well Ernärungssécherheet, an ech hunn et virdru gesot, muss ee laangfristeg garantéieren. An dofir muss een sech och laangfristeg engagéieren.

### 3.1.1. Liewensmëttelsécherheet an der bilateraler Kooperatioun

Am **Mali** setze mir dofir de "*Programme d'appui aux filières agropastorales*" ëm, an dat zesumme mat der Schwäiz. Iwwert dee Programm ënnerstëtze mir Familljebauerebetriber a kleng Betriber andeems mir d'Produktiounskette vun der Mëllech an de Grompere stäerken.

Am **Niger** ënnerstëtze mir de « Programme d'appui au développement agricole durable » an der Dosso Regioun. Hei geet et ënnert anerem ganz konkret drëms, Jonken eng beruflech Chance ze ginn am Beräich vun der nohalteger landwirtschaftlecher Entwécklung.

Am **Burkina Faso** dréit onse Projet vun der Zeréckgewënnung vu staark degradéiertem Land dozou bäi, de Buedem, deen duerch d'Dréchenten an Erosioun staark gelidden huet, rem fruuchtbar a fir d'Landwirtschaft notzbar ze maachen.

Dat si just e puer Beispiller, wéi mir kucken, nohalteg a laangfristeg d'Liewensmëttelversuergung ze stäerken.

#### 3.1.2. Liewensmëttelsécherheet a Finance inclusive

Och déi innovativ an inklusiv Finanz spillt am Beräich vun der Liewensmëttelsécherheet eng kruzial Roll. Iwwert kleng a Mikro-Krediter; iwwert Prêten u Kleng- a Familljenbaueren; doduerch dass mir d'Microfinanzinstitutioune stäerken déi hirersäits mat de Baueren zesummeschaffen, droe mir dozou bäi, dass sech d'Ernärungssécherheet erhéicht.

Ronn 1,7 Milliarden Erwuessener op der Welt hu keen Zougang zu Finanzinstrumenter. Déi Finanzinstrumenter sinn awer wesentlech fir deene klenge Bauerebetriber ze erlaben ze iwwerliewen. A wann ech vu klenge Bauerebetriber schwätzen, da sinn dat Familjebetriber déi hei an éischter Linn viséiert sinn. Si brauchen Zougang zu Kreditter, fir sech kënnen déi absolut néideg Maschinnen ze kafen; si brauchen Zougang zu Assurancen fir sech kënnen ze versécheren wann eng Recolte ausfält; an dat passéiert, wéi dir wësst, an de betraffene Länner a Géigenden leider allze oft. Déi meescht vun deenen 1,7 Milliarden Erwuessener, déi keen Zougang zu Finanzinstrumenter hunn, wunnen a rurale Géigenden. Et ass awer grad do, wou den Honger, d'Aarmut an d'Ernärungsonsécherheet am gréisste sinn. An dofir ass et esou wichteg, do ze intervenéieren an d'Klengbaueren ze ënnerstëtzen.

Dat maache mir iwwert e Projet wéi de SSNUP. De "*Smallholder safety net upscaling Programme*". De SSNUP ass e Programm, deen op 10 Joer ugeluecht ass a vun der ONG Aide au Développement autonome, der ADA, ëmgesat gëtt. Et geet hei eebe just drëms, geziilt d'Klengbaueren ze ënnerstëtzen, d'Liewensmëttelstandarden eropzesetzen an doduerch och d'Liewenskonditioune vun der Bevëlkerung am ländleche Raum ze stäerken.

Och e Projet wéi den ABC Fund, den Agri Business Capital Fund, dee mir zesummen mat der Europäescher Kommissioun an dem FIDA, dem Internationalen Agrikultur-Entwécklungsfong gegrënnt hunn, setzt geziilt drop vulnerabel Persounen a rurale Géigenden ze stäerken, Aarbechtsplazen am Beräich vun der Agrikultur ze schafen a soumat géngt d'Liewensmëttelonsécherheet virzegoen.

All déi Projeten am Beräich vun der inklusiver Finanz droen dozou bäi, dass d'Liewensmëttelsécherheet an deene Länner laangfristeg gestäerkt gëtt.
D'"*Semaine européenne de la microfinance*" – déi aktuell Editioun ass jo grad um Kierchbierg am gaang – wäert dowéinst d'nächst Joer och der Sécurité alimentaire gewidmet sinn.

### 3.1.3. Liewensmëttelsécherheet an der humanitärer Aktioun

Iwwert déi mëttel- a laangfristeg Äntwerten eraus, stellt sech d'Fro vun der Liewensmëttelsécherheet leider och ëmmer méi ganz direkt. Laut de Vereenten Natiounen

befannen sech am Moment 50 Millioune Mënschen am Afghanistan, an Ethiopien, a Somalia, am Südsudan an am Jemen an enger Situatioun vun akuter Hongersnout. Dobäi kënnt d'Zuel vun den 828 Millioune Mënschen, déi all Dag hongereg an d'Bett ginn. Dës Zuel huet sech an deene leschten 3 Joer verdräifacht.

Mënschen op der ganzer Welt si ganz akut op Hëllef ugewisen. A wa mir net mat Zäiten agéieren, da wäerte mir eng Katastroph erliewen, wéi et se schonn säit enger Generatioun net méi gouf. Dofir hunn ech dëst Joer och entscheet, fir zousätzlech zu den éinescht genannte Projeten déi mir maachen, an den Hëllefen déi mir ginn, nach eng Kéier weider 20 Milliounen Euro just fir d'Bekämpfe vum akuten Honger an onse Partnerlänner ze deblockéieren. Mir schaffen hei ënnert anerem mam PAM, mee och mat lokalen Acteuren, zesummen.

Zousätzlech dozou, hu mir fir ons ONG'en en „*Appel à projets*" gemaach,  déi ganz kuerzfristeg dozou bäidroe fir deenen Schwächsten op der Welt direkt ze hëllefen. 13 ONG'en hunn op déi Aart a Weis hir Expertise an hir lokal Netzwierker konnten asetzen, fir séier an effikass op dës Kris ze reagéieren a Projeten an der Héicht vun insgesamt 2,2 Milliounen Euro ëmzesetzen.  Hei geet et em Projeten a Länner wéi dem Süd-Sudan, dem Somalia, dem Niger, dem Bangladesch, Haiti, dem Burkina Faso, oder och nach dem Senegal.

## 4. ACTION HUMANITAIRE

Här President,

Léif Deputéierten,

Laut der UNO sinn 274 Millioune Mënschen an 63 Länner op humanitär Hëllef a Schutz ugewisen. Dat sinn 274 Millioune Mënschen déi viru Kricher fortlafe mussen; déi hirt Doheem verloossen a viru Gewalt flüchte mussen. 274 Milliounen Mënschen, déi net wëssen wou si hi sollen a wouhir si muer eppes z'iesse kréie. 274 Millioune Mënschen, deenen d'Krisen an d'Konflikter,, de Klimawandel an d'Drëchent, keng Perspektiv a keng Liewensgrondlag bidden.

Mir mussen op déi Situatioun reagéieren. An dofir hu mir dëst Joer eng nei Strategie fir humanitär Hëllef ausgeschafft a virgestallt, déi aus 6 strategesche Prioritéiten, 6 horizontalen Thematiken a 50 Aktiounspunkte besteet. Mir wäerten doduerch nach méi geziilt schaffen an ons nach méi strategesch opstelle kënnen.

Laut dem leschten "Globalen humanitären Iwwerbléck" vun der UNO, ginn am Moment 50 Milliarden US Dollar gebraucht, fir dass de multilateralen humanitäre System op déi verschidde Krise weltwäit reagéiere kann. Dat sinn 8 Milliarde méi wéi nach am Ufank vum Joer ugekënnegt, wat schonn deemools en absolute Rekord duergestallt huet.

Et ass ons Flicht, prett ze sinn, fir an den akuten Krisen ze hëllefen. An dofir engagéiere mir ons och am Kader vun der neier Strategie, fir op mannst 15% vun eise finanzielle Mëttel (fir humanitär Zwecker ze benotzen an esou eise Bäitrag ze leeschte fir op all déi Krisen an dat mënschlecht

Leed ze reagéieren. Onse Budget dee mir fir d'humanitär Hëllef virgesinn geet dofir konstant an d'Luucht. Aktuell läit e fir 2022 bei 65 Milliounen Euro a fir d'nächst Joer hu mir 80 Milliounen Euro virgesinn.

Déi 5 gréisste Krise weltwäit sinn och ganz uewen op onser Prioritéitelëscht: Afghanistan, Syrien, Jemen, Ethiopien an Sudan. Donieft verfollege mir awer ganz genau wat am Sahel geschitt, a probéieren och sou gutt et geet op aner Krisen ze reagéieren, wéi zum Beispill am Pakistan, wou mir kierzlech zousätzlech 1 Millioun Euro deblockéiert hunn fir Nouthëllef engersäits a fir de fréien Erëmopbau anerersäits. Donieft stelle mir och Nouthëllef zur Verfügung fir déi sougenannt méi „vergiesse" Krisen wéi op Haiti, a Palästina, a Libyen, an der Demokratescher Republik Kongo, an am Myanmar – fir der nëmmen e puer ze nennen. Well mer trotz dem Krich an der Ukrain, dës Konflikter an dat mënschlecht Leed dat doraus uerchtert d'Welt entsteet, eben net wëlle vergiessen.

Fir bei Krisen an Naturkatastrophen am Ausland eng nach méi effikass an nach besser koordinéiert humanitär Hëllef ze erméiglechen, hunn ech wëlles, zesumme mat de concernéierten Kolleegen aus der Regierung an anere staatlechen Acteuren, eng national Koordinatiounsplattform opzestellen. Éischt Gespréicher an déi Richtung lafen, mam Zil dass mer déi Plattform am Laf vum nächste Joer stoen hunn, fir esou nach méi effikass a séier kënnen am Krisefall ze reagéieren.

Laangfristeg wëlle mir Lëtzebuerg och als Standuert fir den humanitäre Secteur weider stäerken. E gutt Beispill heifir ass d'Delegatioun vum CICR fir de *Cyberspace* déi mir iwwermuer hei zu

Lëtzebuerg wäerten aweien. Et ass déi éischt Delegatioun vun där Zort weltwäit an se huet dowéinst en historeschen a strategesche Charakter. Mat dëser neier Delegatioun fir de *Cyberspace* ka Lëtzebuerg sech als humanitären Acteur um internationale Plang weisen a beweisen. Mir hunn hei eis Stäerkten am Beräich vun der Digitaliséierung an der Cybersécherheet an den Déngscht vun enger innovativer, humanitärer Infrastruktur gesat.

Ons Expertise ass och an anere Beräicher gefrot. UNDAC ass de Service vun der UNO, deen dofir zoustänneg ass, bei enger akuter Kris, spezialiséiert Ekippe vun der UNO an national Experten bannent Stonnen op den Terrain ze schécken. Si maachen op der Plaz eng éischt Evaluatioun vun de Besoinen an ënnerstëtzen d'Koordinatioun vun den Hëllefsefforten. UNDAC huet ons gefrot, si beim Ausschaffe vun hirer neier Strategie fir d'Joren 2023 bis 2026 mat onser Expertise ze ënnerstëtzen an Deel vum *Strategy Development Working Group* ze ginn. Dat weist dat grousst Vertrauen an och déi grouss Unerkennung um internationale Plang fir d'Aarbecht vun onse Leit.

Mir kréien och ëmmer méi Ufroe vun eisen humanitäre Partner, déi eis ëm eis Ënnerstëtzung froen, fir si bei der Entwécklung vun innovative Solutiounen a Servicer ze ënnerstëtzen. Dofir geet et elo drëms, d'Erfarungen, déi mir duerch emergency.lu gesammelt hunn, ze notzen an nei Projeten ze entwéckelen andeems mir Techniker, Experten an Acteuren aus verschiddenen Secteuren an Disziplinnen zesumme bréngen.

Aus deem Grond hunn ech decidéiert, d'nächst Joer zesumme mam Welternärungsprogramm en internationale Programm an d'Liewen ze ruffen, mam Zil nei Solutiounen auszeschaffen an ze

testen, sou dass se séier um Terrain agesat kënne ginn. Mir ënnerstëtzen hei d'Recherche an d'Innovatioun, fir Léisunge fir déi akut humanitär Erausfuerderungen ze fannen. Déi 1. Editioun vum *Humanitarian Innovation Accelerator* wäert Enn Juni d'nächst Joer zu Lëtzebuerg stattfannen.

## 5. SANTÉ

Nieft der akuter humanitärer Hëllef an der Suerg, sécherzestellen, dass d'Mënschen op der Welt sech kënnen ernären, ass et genau sou wichteg och hir Gesondheet ze stäerken. Dofir musse mir eis Efforten an deem Beräich héichhalen. Mir wäerten, zesumme mat onse multilaterale Partner, preventiv d'Gesondheetssystemer stäerken an ons weider fir eng universell Gesondheetscouverture asetzen.

Mir hunn dëst Joer dofir ons Kontributioun un den *Fonds mondial de lutte contre le sida, la tuberculose et le paludisme* ëm 30% eropgesat, op elo 11,7 Milliounen Euro. A mir iwwerhuelen och ons Responsabilitéit bei der Gouvernance: ab dem Summer 2023 wäerte mir fir 2 Joer ons Circonscriptioun am Verwaltungsrot vum Fonds mondial representéieren.

Mir schaffen an dësem Beräich och weider mat der OMS an Organisatioune wéi der CEPI (*Coalition for Epidemic Preparedness Innovations*) oder der *Global Polio Eradication Initiative* zesummen. A mir ënnerstëtze weiderhi d'ONUSIDA bei hiren Efforten, d'Objektiver 10-10-10 vun hirer globaler Strategie géint den Aids ze erreechen.

Doriwwer eraus hu mir och ons Kontributioun un de gemeinsame Programm vun der UNICEF an dem Bevëlkerungsfong vun der UNO, fir d'Eliminatioun vun de *mutilations génitales féminines* fir 2022-2025 verduebelt, an dat op 2,4 Milliounen Euro.

## 6. Cohérence des politiques

Här President,

Léif Kolleegen,

Ech hu virdrun vill vun der Liewensmëttelsécherheet geschwat, an dovu, wéi mir kuerz-, mëttel- a laangfristeg probéieren drop anzewierke fir d'Situatioun ze verbesseren. Mee déi Moossnahmen eleng ginn net duer. An dofir ass et sou wichteg, sech net just op punktuell Mesuren ze konzentréieren, mee d'Situatioun a hirer gesamter Komplexitéit ze erfaassen. D'Kohärenz vun onse Politicke spillt hei eng kruzial Roll.

Kee Ministère, an och kee Land, kann déi haiteg Erausfuerderungen eleng upaken. D'Zesummenhäng tëscht Ëmwelt a Klima, der Sécherheetssituatioun, Gender-Ongläichheeten, wirtschaftlechen a soziale Froe musse systematesch betruecht ginn. Eist Verhalen hei zu Lëtzebuerg, an Europa, an insgesamt an der sougenannter „entwéckelter Welt", huet en Afloss op d'Mënschen an eise Partnerlänner, a ganz besonnësch op di vulnerabelst. An dowéinst musse mir sécherstellen, dass dat, wat mir an der Kooperatioun maachen, och duerch dat ënnerstëtzt gett, wat mir an anere Beräicher maachen. Mir musse mat ons selwer kohärent, a konsequent sinn.

Mat der OECD an dem MECDD si mir dofir am gaang, eng Analyse ze maache vun onsen institutionelle Mechanismen am Kontext vun der Kohärenz vun den Politicken an dem Erreeche vun den Objektiver vun der Nohalteger Entwécklung, kuerz SDGs. D'OECD ass am gaang hire Rapport dozou ze preparéieren. Mir erhoffen eis dovun, dass mir op Grondlag vun deem Rapport nach besser zu Lëtzebuerg zesummen schaffen kënnen, fir d'nohalteg Entwécklungszieler ze ereechen.

### 6.1. KLIMA

Wann ee vu Kohärenz vu Politicken schwätzt, da schwätzt een och vum Impakt vun den Aktivitéite vum Mënsch op de Recht vun der Welt, sief dat am Beräich vum Klimawandel, dem Verloscht vun der Biodiversitéit, der Désertificatioun oder och nach der Ëmweltverschmotzung.

De Klimawandel ass iwwerall ukomm – och bei eis – mee en ass wierklech dramatesch an den Entwécklungslänner déi, an dat ass déi ganz grouss Ongerechtegkeet, am mannsten dofir kënnen. Am Niger, am Senegal, am Mali, am Burkina Faso – iwwerall gesinn ech dass d'Desertifikatioun rasant weidergeet. Am Cabo Verde reent et säit 4 Joer bal iwwerhaapt net méi.

Wéi ech d'lescht Joer am Senegal war, war et och erschreckend ze gesinn, wéi d'Land am Plastik ënnergeet. Wa mir elo do en neie PIC identifizéieren, ass et mir wichteg, och déi Problematik unzegoen.

De Klimawandel ass eng global Erausfuerderung, mat extreme Konsequenzen uerchtert d'Welt, déi global Solutioune brauch. Och dës Woch gëtt nach op der COP27 an Ägypte verhandelt, fir d'Engagementer am Beräich vum Klimawandel ze verstäerken. An och mir hunn d'lescht Joer

d’Klimaambitioune vun eiser Kooperatiounspolitik eropgeschrauft an eng nei Ëmwelt- an Klimastrategie ausgeschafft.

Mir wäerten op der enger Säit méi klimafokuséiert Projeten ëmsetzen, an op der anerer Säit d’Dimensioun vu Klima an Ëmwelt systematesch an all ons Projeten integréieren.

### 6.2. Genre

Dir Dammen an Häeren,

D’Covid-Pandemie an den Ukrainkrich hunn ons wäit zeréckgeworf beim Ereechen vun den Nohaltegen Entwécklungszieler. A si hunn déi Vulnerabel, d’Fraen an déi Jonk, am heftegste getraff. Duerch de Klimawandel, gëtt dësen Impakt nach verstäerkt an et si grad oft d’Fraen, déi am meeschten un de Konsequenze vum Klimawandel leiden.

Mee grad si spillen awer och eng extrem wichteg Roll beim Erreeche vun onsen Zieler, als Acteure vum Wandel, bei der Mobilisatioun vun de Communautéiten, oder der bei der Ëmsetzung vu Strategien géint de Klimawandel, fir just e puer Beispiller ze ginn. Sief et an der Konfliktpräventioun a bei der Promotioun vun engem nohaltegen an inklusiven Fridden, iwwerall do wou d’Fraë méi impliziéiert si, geet et virun. Dofir ënnerstëtze mir och grad am Afghanistan - wou et am Moment besonnesch schwéier ass ze schaffen - eis Partner déi sech weiderhin dofir engagéieren, dass och Fraen a jonk Meedercher eng fair Chance hunn sech ze verwierklechen.

Sech fir d‘Gläichheet tëschent de Geschlechter azesetzen heescht sech dofir anzesetzen ons Ziler ze erreechen, de Klimawandel ze bekämpfen, d’extrem Aarmut auszemäerzen an d’Sécherheet

op der Welt ze verbesseren. Mir wäerten ons Zieler net erreechen, wa mir d'Hallschent vun der Mënschheet ignoréieren.

An dofir loosse mir déi Dimensioun, ganz am Sënn vun onser feministescher Aussepolitik an der Ëmsetzung vun eiser neier Genderstrategie, verstäerkt an transversal an ons Projeten afléissen. Mir wäerten eis fir eng Verstäerkung vun der wirtschaftlecher Emanzipatioun vun de Fraen asetzen, wéi och fir de Schutz vun hierer sexueller a reproduktiver Gesondheet an hir Rechter. A genausou setze mir ons och fir d'Bekämpfung vu sexueller a genderspezifescher Gewalt, notamment a Konflikter, an.

## 7. Innovatioun - Privatsecteur – Digitalisatioun - Recherche

Dir Dammen an Häeren,

D'Acteure vun der Entwécklungszesummenaarbecht sinn sech eens datt ëffentlech Gelder net duergi fir d'SDGs bis 2030 ze erreechen. Aktuell Schätzunge ginn dovun aus, datt zousätzlech bis zu 4 Billiounen, also 4000 Milliarden Dollar gebraucht gi fir dës Zieler ze erreechen – an zwar pro Joer. Et steet also ausser Fro dat ëffentlech Acteure net eleng fir dës Zomme kënnen opkommen.

Mee och Suen eleng ginn net duer. Fir déi gewalteg Erausfuerderungen unzegoen, musse mir nei Weeër goen; mir mussen innovativ a kreativ sinn. Mir mussen all Méiglechkeet notzen, déi sech ons bitt a mir kënnen an däerfe keen d'office ausschléisse wann et drëms geet, nei Äntwerten ze fannen op déi Froen déi sech ons stellen.

### 7.1. Privatsecteur

Dat gëllt och fir de Privatsecteur. Well et ass grad de Privatsecteur an onse Partnerlänner deen Aarbechtsplaze schaaft an domat och eng Zukunft fir déi Jonk erméiglecht. Mir mussen d'Innovatioun an d'Dynamik, déi ouni Zweifel vum Privatsecteur ausgeet, fir ons Zwecker notzen.

D'*Business Partnership Facility* ass e gutt Beispill dofir wéi d'Zësummenaarbecht vun Entreprisen aus dem Norde mat deenen aus dem globale Süden ënnerstëtzt ka ginn. Iwwert déi BPF ginn Aarbechtsplazen an onse Partnerlänner geschaf an den Transfert vun Technologien ënnerstëtzt. Op der Basis vun den Erfarungen aus de viregten Editiounen, hu mir dëst Joer d'*Business Partnership Facility* moderniséiert an un d'Besoinen vum Privatsecteur ugepasst.

Doriwwer eraus, schaffe mir och dorun, mat onser bilateraler Kooperatiounsagence, der LuxDev, déi néideg Instrumenter opzestellen, déi et erméigleche sollen, Projeten mam Privatsecteur an onsere Partnerlänner nach besser kënnen ze ënnerstëtzen, ëmmer mam Objektiv, ons nohalteg Entwécklungszieler ze erreechen.

### 7.2. Digitaliséierung

Och d'Digitaliséierung spillt beim Ereechen vun onsen Zieler eng ganz wichteg Roll. Wärend der Pandemie huet de Beräich vun den Informatiouns- an Kommunikatiounstechnologië net nëmmen bei ons, mee och an onse Partnerlänner e grousse Schratt no vir gemaach. Mir hunn ze Lëtzebuerg eng grouss Expertise an deem Beräich. Dorop musse mir opbauen, fir d'Effort'en an onse Partnerlänner weider ze ënnerstëtzen.

Dofir hu mir op europäeschem Niveau zur Grënnung vun enger globaler Plattform bäigedroen, dem *Digital for Development Hub*. A grad ewéi um nationale Plang, setze mir zum Beispill och an der Entwécklungszesummenaarbecht an an der humanitärer Hëllef verstäerkt op Projeten an der Cybersécherheet. Ee Beispill dovun ass d'Cyberdelegatioun vum CICR déi ech virdrun erwähnt hunn. Mee och Projete wéi LuxWays, wou mir mam SnT vun der Uni Lëtzebuerg am Burkina Faso an am Senegal Doktoranden forméieren, hunn d'Ziel, d'Kapazitéiten an onse Partnerlänner am Beräich vun der Cybersécherheet ze stäerken.

Där Projet'en wäerte mir an Zukunft nach méi maachen, well d'Digitaliséierung et erlaabt op ville Gebidder d'Etappen z'iwwersprangen, am Accès zu Bankzervisser, an der Mobilitéit, an der Gesondheet asw.

### 7.3. SPACE

Ee Wuert zum Space. Dëst ass ee weidere Secteur, an deem Lëtzebuerg sech international duerch Innovatioun en Numm gemaach huet.  An och wa *Space for Development* wäit hirgeholl kléngt, ass awer de Contraire de Fall. D'Innovatioun huet och an dësem Beräich d'Potential, nei Äntwerten ze fannen op Erausfuerderungen déi sech ons haut stellen.

D'Konnektivitéit, wéi iwwert emergency.lu, am e-learning oder an der Telemedezin iwwert Satmed, d'Observéieren vun an d'Adaptatiounen un d'Konsequenze vun Naturkatastrophen wéi Iwwerschwemmungen oder Dréchenten, d'Iwwerwaache vun der Entwécklung vun enger Recolte am Sahel oder och nach d'Moosse vun der Biodiversitéit an nohalteg geréierte Bëscher an Zentralamerika, sinn nëmmen e puer Beispiller fir konkret Uwendunge vum *Space for*

*Development.* Dëst wäert och e feste Bestanddeel vun eiser neier, nohalteger Space Strategie ginn.

Mir wäerten dofier och an dësem Domaine weiderschaffen, zesummen mat den Acteuren aus dem Secteur, fir d'Innovatioun hei fir ons Entwécklungszwecker ze notzen.

### 7.4. Innovatioun a Recherche

Dir Dammen an Hären,

Et geet net méi duer, mat Bëton Schoulen oder Spideeler ze bauen, och wann dës ganz wichteg sinn. Mir mussen anescht un d'Problemer erugoen, fir eng méi resilient Welt ze schafen. Den "build back better and greener" ass an Entwécklungslänner oft e „build forward better and greener" – et ass kloer, dass mer méi Efforte musse maachen fir insbesonnesch Afrika, an eiser Noperschaft, z'entwéckelen an nei Weeër goen, ouni dass mir déi Feeler maachen, déi mir an Europa gemaacht hunn.

Dës Innovatioun gëtt et net ouni Recherche. An zu Lëtzebuerg hu mir en exzellenten an dynameschen Ekosystem an dësem Beräich. Dofir si mir am gaang, zesummen mam FNR a mam Héichschoul- a Fuerschungsministère, e gemeinsamt Finanzéierungsinstrument fir d'Fuerschung auszeschaffen, eng Zort *Research Partnership Facility*. Et geet hei drëms Chercheuren aus dem Norden, mat deenen aus dem sougenannte globale Süden zesummenzebréngen fir innovativ Fuerschungsprojeten ze férderen, déi Äntwerten op déi gewalteg Erausfuerderunge fannen.

### 7.5. DUE DILIGENCE

Här President,

Léif Deputéierten,

Ech well hei nach zwee Punkten ënnersträichen, déi mir ganz wichteg sinn, wa mer vu Kooperatioun mam Privatsecteur schwätzen:

Éischtens, an dat ass eng Evidenz, geet et drëms de Privatsecteur a wirtschaftlech Filièren an eise Partnerlänner z'entwéckelen, net eise Privatsecteur. De Privatsecteur am Süden soll wuessen an sech entwéckelen, Aarbechtsplaze schafen an eng Zukunft fir déi Jonk erméiglechen. Dofier wäert d'Lëtzebuerger Kooperatioun weider dem Prinzip vun der *aide non liée* verpflicht sinn fir ons Partner am sougenannte globale Süden ze ënnerstëtzen.

An zweetens: d'Lëtzebuerger Kooperatioun ass, wéi keen aneren Acteur zu Lëtzebuerg, besuergt, der Suergfaltspflicht vun eise Betriber, dem Schutz vun de Mënscherechter, der Promotioun vu gerechte Sozialstandarden an dem Schutz vun der Ëmwelt Rechnung ze droen. Fir eis kënnt just eng Zesummenaarbecht mat engem responsabele Privatsecteur a Fro. Dofir hu mir bei onsen Instrumenter d'Exigencen vun der *due diligence* verstäerkt fir dass héich Standarden respektéiert musse ginn, iert eng Kooperatioun an d'A gefaasst ka ginn.

### 7.6. EVALUATION

Dir Dammen an Häeren,

Et ass mir och wichteg, dat wat mir maachen ze analyséieren an ze evaluéieren, op der Basis vu wëssenschaftlech verifizéierte Methoden. An et ass do wichteg iwwert deen eegenen, lokalen an nationalen Tellerrand erauskucken. Mir mussen e Bléck vu baussen op d'Kooperatioun werfen, fir ze gesi wat d'Projete bréngen, déi mir Länner am Norden, zesumme mat de Länner aus dem globale Süden, ëmsetzen. Hu mir déi richteg Approche? Sinn ons Instrumenter déi richteg? Ginn ons Projeten genuch op d'lokal Gegebenheeten Uecht an äntweren se op d'Besoinen an onse Partnerlänner?

An och hei kann d'Recherche ons weiderhëllefen, fir méi wäit ze goen, a fir méi déifgräifend Analysen ze féieren. Dat, mam Zil d'Wëssen an d'Verständnis vun den déiwen a komplexen Ursaache vun der Persistenz vun der Aarmut ze verbesseren. An deem Sënn hunn ech dest Joer en Accord mam LISER ënnerschriwwen fir an deem Beräich méi enk zesummenzeschaffen. Hei hu mir wëlles mam *„Abdul Latif Jameel Poverty Action Lab (J-PAL)"* zesummenzeschaffen, dee säin Europabüro op der Paräisser Wirtschaftsschoul huet, an dee vun der Nobelpräisdréierin an der Ekonomie, der Madamm Esther Duflo geleet gëtt. Ech well, dass d'Resultater vun dëser Aarbecht dann op enger Konferenz zu Lëtzebuerg präsentéiert ginn, déi Wëssenschaftler, Experten, an Decideuren aus dem ëffentlechen Sekteur zesummebréngt.

Doniewt, wäerte mir 2023 och de *Forum international francophone de l'évaluation* zu Lëtzebuerg organiséieren, ëmmer mam Ziel d'Evaluatioun am Beräich vun der Entwécklungszesummenaarbecht ze verbesseren.

## 8. COOPÉRATION BILATERALE

### 8.1. BILATERAL KOOPERATIOUN – ETAT DES LIEUX

Dir Dammen an Häeren,

Och wann ech haut als éischt, an dir verstitt firwat, op d'Liewensmëttelsécherheet an der Welt an op ons Efforten an deem Beräich agaang sinn, bleift déi bilateral Entwécklungszesummenaarbecht ee wesentlechen, dee gréissten Deel vun onser Kooperatiounspolitik.

An et ass bei wäitem net ëmmer deen einfachsten. Ech hunn et uganks gesot: d'Situatioun a ville vun onse Partnerlänner ass fragil an dat prägt ons Kooperatioun an deene Länner.

#### 8.1.1. Sahel

Am **Sahel** gesäit ee ganz extrem d'Resultat vum Zesummespill vun all deene Krise vun deenen ech uganks geschwat hunn. D'Resultat ass eng wuessend Onsécherheet.

#### 8.1.2. Burkina Faso

Am **Burkina Faso** huet en Deel vun der Arméi am September bannent 9 Méint fir d'zweet dëst Joer geputscht. Eis éischt Prioritéit war a bleift natierlech d'Sécherheet vun eise Leit um Terrain.

Fir si sinn esou Situatiounen bei wäitem net einfach. D'Lag zu Ouagadougou war ufanks méi wéi oniwwersiichtlech an den Ausseministère, zesumme mat der d'Ambassade an der LuxDev op der Plaz, huet d'Situatioun enk suivéiert a geréiert. D'Cellule de crise op der Plaz, an och ons Sécherheetsmesuren, hu gutt funktionéiert, esou dass ons Leit déi Situatioun gutt gemeeschtert kritt hunn, wouriwwer ech ganz frou sinn. Et weist awer och, wéi wichteg et ass, onse Sécherheetsdispositif ëmmer erëm op de Leescht ze huelen, fir ons Leit beschtméiglechst ze schützen. A wéi wichteg d'Sécherheetsformatiounen sinn, déi mir ëmmer erëm fir ons Leit organiséieren.

Duerch deen éischte Putsch am Januar dëst Joer, konnte mir leider net wéi virgesinn en neie PIC mam Burkina Faso ënnerschreiwen. D'Besoinen sinn awer grouss. An dofir hu mir, genau wéi och am Mali, d'Decisioun geholl, dass mir d'Bevëlkerung an eisem laangjärege Partnerland grad elo net am Stach loossen a weider ënnerstëtzen, an dat op der Basis vun enger *Stratégie de transition*. Dofir hu mir weder de Budget fir d'Aktivitéite vun den ONGen, nach dee vun onsen multilateralen oder bilaterale Programmer reduzéiert. Allerdéngs hu mir decidéiert, dass eng Rei vun Aktivitéiten direkt vun der LuxDev ëmgesat ginn, an net méi iwwert zentral Fongen déi mir zesumme mat der Regierung geréiert hunn. Eis Positioun ass do enk mat eisen europäeschen an aneren 'like-minded' Partneren ofgestëmmt.

#### 8.1.3. Mali

Och am **Mali** huet sech déi kompliz éiert Situatioun am leschte Joer leider net verbessert. Déi politesch Instabilitéit an d'Verschlechterung vun der Sécherheetslag, virun allem am Norde vum

Land, hunn déi scho ganz schwiereg humanitär Lag nach verschäerft. Wéinst der katastrophaler humanitärer Situatioun, a fir d'Kontinuitéit vun eisem laangjäregen Engagement am Mali sécherzestellen, hunn mir ons Transitiounsstrategie ëm 2 Joer, an zwar bis Enn 2024, verlängert, och fir der Bevëlkerung weider eng Perspektiv ze ginn.

#### 8.1.4. Niger

Am **Niger** hu mir 2021 en neie PIC ënnerschriwwen. Et ass mat 145 Milliounen Euro iwwert 5 Joer dee gréisste vun onse bilaterale Kooperatiounsprogrammer. Dat si grouss Zommen, mee d'Erausfuerderungen am Niger sinn och gewalteg.

Grad an dësem Land gesäit een d'Konsequenzen vum Klimawandel ganz extrem. Dowéinst ass och fir d'éischt Kéier d'Action humanitaire e feste Bestanddeel vun dësem PIC, dat ganz am Sënn vun enger Nexus-Approche an der nohalteger Vernetzung vun onserer Entwécklungszesummenaarbecht mat dem Humanitaire.

Wéi ech am Februar zu Niamey war, an och am Juni zesumme mam Staatsminister, konnt ech mir e Bild vun der Situatioun op der Plaz maachen. Et huet sech erëm bestätegt, wéi néideg ons Interventiounen do sinn. A ménge Gespréicher mam President Bazoum an och mam Ausseminister Massoudou hu si ganz kloer d'Wichtegkeet vun onse Projeten ënnerstrach. Dëst, net nëmmen am Beräich vun der Educatioun an der *Formation professionnelle*, oder och dem Waasser, wou mir laang Joren *Chef de file* waren, mee och am Domaine vun der inklusiver Finanz wou mir d'Roll vum *Chef de file* wäerten iwwerhuelen. Hei wäerte mir ons Expertise kënnen abréngen, fir insbesonnesch Jonken a Fraen eng ekonomesch Perspektiv ze ginn.

Am Niger, genau sou wéi am Mali, am Burkina Faso an um Cap Vert, hu mir dëst Joer och nach zousätzlech Mëttel zur Verfügung gestallt am Kampf géingt d'Ernärungsonsécherheet. Déi sinn Deel vun deenen zousätzlechen 20 Milliounen Euro un Hëllef an deem Beräich vun deenen ech uganks geschwat hunn.

#### 8.1.5. Senegal

De **Senegal** bleift, trotz der wuessender Instabilitéit an der Regioun vum Sahel, en zouverlässege Partner mat deem mir op eng laangjäreg Kooperatioun vu bal 30 Joer zeréckkucke kënnen. Mir hunn onse PIC do bis Enn 2023 verlängert an och eist finanziellt Engagement em 13,3 Milliounen erhéicht.

D'Resultater vun der Revue de mi-parcours vum PIC, déi mir dëst Joer mat onse Partner gemaach hunn, wäerten elo afléissen an d'Identifikatioun vum neien, dem 5. PIC, deen 2024 wäert ulafen.

#### 8.1.6. Cabo Verde

De **Cabo Verde**, als klengen Inselstaat, ass de Konsequenze vum Klimawandel ganz besonnech ausgesat a gläichzäiteg extrem ofhängeg vun Importer. D'Praisdeierecht vun de Liewensmëttel als Konsequenz vum Ukrainkrich huet de Cabo Verde haart getraff. D'Regierung huet Enn Juni eng *Situation d'urgence économique et sociale* ausgeruff. Als Reaktioun dorop huet d'Lëtzebuerger Kooperatioun 3 Milliounen Euro zousätzlech bereet gestallt fir d'Schoulkantinnen

ze finanzéieren, an dat och an de Vakanzen. Hei hëllefe mir 89.000 Kanner, ëmgerechent 20 Prozent vun der Bevëlkerung, ze ernären.

Dëst schreift sech och an eis global Ënnerstëtzung vun der *School Meals Coalition* an. Déi läit mir besonnesch um Häerz, well et hei dorëms geet grad deene Jéngsten a Schwächsten ze hëllefen, déi am meeschten um Honger leiden.

Dës Kris weist awer och wéi wichteg a richteg d'Ausriichtung vun eisem aktuelle PIC mam Cabo Verde ass. Nohaltegen Wiertschaftswuesstem, eng energetesch Transitioun, Zougang zu Drénkwaasser a Klimapolitik stinn hei am Mëttelpunkt vun eiser Aarbecht, déi mer an enger *Approche pays* mat de Kollegen vum Ëmweltministère an Energieministère ëmsetzen.

An **Asien** si mir haaaptsächlech an zwee Länner aktiv, dat am Laos, onsem prioritäre Partnerland, an an der Mongolei, engem vun onse Projetslänner.

### 8.1.7. Laos

Mam Laos markéiere mir dëst Joer de 25. Gebuertsdag souwuel vun eisen diplomatesche Bezéiungen wéi och vun eiser Entwécklungszesummenaarbecht. D'lescht Joer hu mir en neie PIC ënnerschriwwen deen 2023 ulafe wäert.

Ufanks Dezember wäert ech elo zesumme mam Grand-Duc dohinner fueren, fir ons e Bild vun onser Entwécklungszesummenaarbecht op der Plaz ze maachen. An deem Kader wäert ech och

déi néideg Accorden ënnerschreiwen fir déi eenzel Programmer, déi mir am Laos ëmsetzen, ze lancéieren.

#### 8.1.8. Mongolei

Am Juli dëst Joer war ech och an d'**Mongolei**, dat ënnert anerem fir den 20. Gebuertsdag vun onser Entwécklungszesummenaarbecht an deem Land. Ons Projeten an de Beräicher vun der Telemedezin a vun der kardiovaskulärer Medezin droen e groussen Deel zur Verbesserung vun der gesondheetlecher Lag vun de Leit an der Mongolei bäi, inbesonnesch an ofgeleeëne Géigenden. Zesumme mat hirem Finanzminister hunn ech en neien Accord iwwert 5 Joer ënnerschriwwen, fir d'Mongolei mat 5 Milliounen Euro weider an dëse Beräicher ze ënnerstëtzen.

Am Kader vu menger Visitt hunn ech och dem FNUAP, dem Bevëlkerungsfong vun der UNO, ons Hëllef an der selwechter Héicht zougesot fir hir Projeten am Domäne vun der Eliminatioun vun der Mammen- a perinataler Stierflechkeet. A mir wäerten och kucken, fir d'UNICEF an der Mongolei an dësem Beräich ze ënnerstëtzen.

#### 8.1.9. Kosovo

Ech hat dëst Joer och d'Geleeënheet, direkt 2 Mol an de **Kosovo** ze goen. Mir hunn hei en neie Kooperatiounsaccord ënnerschriwwen an och en MoU an der Héicht vun 35 Milliounen Euro, deen de Kader setzt fir ons Zesummenaarbecht fir d'Joren 2023-2025. Mir wäerten do weiderhin

an de Beräicher vun der Gesondheet an der Formatioun aktiv sinn, mat engem staarken Accent op Digitalisatioun an erneierbar Energien. Dat, mam Zil vum Schafe vun Aarbechtsplazen an der Verbesserung vun der ekonomescher Situatioun vun de Leit am Kosovo.

Wéi ech am Juli do war, hat ech d'Geleeënheet fir d'Manifesta 14 matt ze eréffnen. D'Kultur spillt eng ganz wichteg Roll bei der Entwécklung vun enger Gesellschaft. Net just am Sënn vun der Formatioun vu Jonken an dem Schafe vun Aarbechtsplazen, mee besonnesch och am Zesummebrénge vu Gesellschaften. An dofir wëll ech kucken, wéi mir och soss an onse Partnerlänner Projeten am kulturelle Beräich verstäerkt ënnerstëtze kënnen.

### 8.1.10. TPO

Well och meng Visitt am September an de besate Palästinenesche Gebidder huet gewisen wéi wichteg d'Kultur, d'Musek an den Danz fir déi Jonk sinn, déi ënnert dem Noostkonflikt leiden. Wärend menger Missioun konnt ech déi vill Erausfuerderunge gesinn, mat deenen d'palästinensesch Bevëlkerung konfrontéiert ass, déi an der Westbank an zu Ost-Jerusalem wunnt. Déi weider Verschlechterung vun der Sécherheetssituatioun, dorënner eng wäit verbreete Gewalt, arméiert Afäll a Flüchtlingslageren, souwéi Restriktiounen vun der palästinensescher Beweegungfräiheet a vun hirem Zougang zu Land, Ressourcen, Servicer a Beschäftegung hunn negativ Konsequenzen op hir kierperlech a mental Gesondheet, wéi och méi breet gesellschaftlech Auswierkungen.

Geleet vun humanitäre Prinzippien, leescht Lëtzebuerg humanitär Hëllef an de besate palästinenseschen Territoiren a mir setzen ons fir de Respekt vum internationalen humanitären Recht an. Zesumme mat onse Partner, wärte mir eis Efforten a puncto Entwécklungshëllef weiderféieren andeems mir ausschliesslech d'Zivilgesellschaft an de besate palestinensesche Gebidder verstäerkt ënnerstëtzen, an dat a Secteuren wéi der ländlecher a landwirtschaftlecher Entwécklung, der Gesondheet, dem Kampf géint d'Korruptioun an der psychosozialer Ënnerstëtzung.

### 8.1.11. Zentralamerika (Nicaragua – El Salvador)

Den **Nicaragua** ass zanter dësem Joer kee prioritäert Partnerland méi vun der Lëtzebuerger Kooperatioun. Wéi dir wësst, hate mir schon 2019 mat onser direkter bnilateraler Entwécklungszesummenaarbecht an deem Land opgehalen.

An der Suite vun de Walen vum leschte Joer, déi alles anescht wéi fräi waren, an och der ëmmer weiderer Verschlechterung vun der Mënscherechtssituatioun op der Plaz, hu mir am Januar vun dësem Joer ons physesch Presenz, also d'Bureaue vun der Ambassade, zougemaach. D'Regierung zu Managua ass ëmmer méi op Isolatiounskurs; se huet d'Ambassadeuren vun der EU a vun Holland aus dem Land gehäit, respektiv zur Persona non grata erkläert. All dat mecht d'Aarbecht an deem Land net méi einfach. Mir wäerten awer weiderhi kucken, fir d'Populatioun an d'Zivilgesellschaft am Land iwwert Projete mat multilateralen Agencen an och mat ONGen ze ënnerstëtzen an ze stäerken sou, wéi mir dat och am **Myanmar** iwwert humanitär Projete maachen.

Am **Salvador** lafen ons Programmer aus a mir musse kucken, wéi mir ons Kooperatioun do zukünfteg opstellen, fir der Bevëlkerung och do sou gutt wéi méiglech ze hëllefen.

## 8.2. Bilateral Kooperation - Perspektiven

Här President,

Dir Dammen an Häeren,

Dir gesit, d'Situatioun an onse Partnerlänner ass oft net einfach. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mir ons méi breet opstellen. Wéi ech d'lescht Joer gesot hunn, reorientéiere mir ons an Zentralamerika deelweis nei, a mir wäerte mat enger Rei Länner an Afrika méi enk zesummeschaffen.

### 8.2.1. Costa Rica

Am Nicaragua, an ech hunn et elo just gesot, hu mir d'Bureaue vun der Ambassade am Januar zou gemaach. Et ass awer wichteg, dass mir an der Regioun present bleiwen an där mir säit den 90er Joren aktiv sinn. Op der Basis vun de Resultater vun Iwwerleeungen, déi mir d'lescht Joer lancéiert haten, hu mir wëlles, an Zentralamerika déi regional Zesummenaarbecht verstäerkt ze ënnerstëtzen. Et geet ons drëm, eng méi inklusiv an nohalteg regional Integratioun ze färderen.

Mir hunn dofir wëlles, méi verstäerkt mam **Costa Rica** zesummen ze schaffen. Firwat dat Land?

De Costa Rica ass e *Pôle de stabilité* an der Regioun. Iwwert den FCCF, de *Forestry and Climate Change Fund*, ass Lëtzebuerg schonn säit Joren do aktiv. Doriwwer eraus ass och de Costa Rica

un der Stäerkung vun der regionaler Zesummenaarbecht, am Sënn vun enger *Coopération triangulaire*, interesséiert.

Dat heescht net, dass de Costa Rica soll e prioritäert Partnerland vun der Kooperatioun ginn. Ons Entwécklungszesummenaarbecht bleift weider op de Kampf géingt d'extrem Aarmut an de „leave no one behind" ausgeriicht. Mee de Costa Rica soll als Hub fungéieren, als Basis fir ons Kooperatioun an a mat de Länner aus der Regioun. Och aner EU-Memberstaaten wéi Frankräich, grad esou wéi d'Europäesch Union selwer, organiséieren hir Kooperatioun an der Regioun vu San José aus.
Mir wäerten dofier och ons Ambassade aus dem Nicaragua an de Costa Rica transferéieren.

### 8.2.2. Benin

Am Februar dëst Joer war ech och am **Benin**, engem Nopeschland vum Burkina Faso an dem Niger, um Golf vu Guinea. De Benin steet op der Lëscht vun der OCDE vun deene sougenannten am mannsten entwéckelte Länner op der Welt.

Bei där Geleeënheet hu mir eng *Lettre d'entente* ënnerschriwwe fir ons Zesummenaarbecht ze verstäerken a Secteuren wéi der berufflecher Ausbildung an der inklusiver an nohalteger Finanz. Zesumme mat der Belsch, wäerte mir ënnert anerem e Projet ëmsetzen deen zum Zil huet eng nohalteg a lokal Landwirtschaft ze ënnerstëtzen an ze stäerken. Dobäi wäerte mir och a Beräicher

wéi der Gouvernance an dem Rechtsstaat, an och der Ëmwelt an dem Klimawandel aktiv sinn. Fir dës Zesummeaarbecht kënnen effikass ëmzesetzen wäerte mir hei 2023 e Bureau opzemaachen.

### 8.2.3. Ruanda

De **Ruanda** gehéiert, genau sou wéi de Benin, zu deenen sougenannten am mannsten entwéckelte Länner op der Welt. E war wärend laange Joren e Partnerland vun der Kooperatioun an eng Rei vun Lëtzebuerger ONGen sinn haut am Ruanda aktiv, ënnert anerem an der Educatioun an der Beruffsausbildung, der Gesondheet an an der Präventioun vu Konflikter.

Ons Kooperatiounsagence, d’LuxDev, huet am September hei e Bureau opgemaach, fir ons Zesummenaarbecht, och mat onsen europäesche Partner op der Plaz, ze verdéiwen. Sou wäerte mir zum Beispill och hei mat der Belsch e grousse Projet ëmsetzen, fir d’nohalteg an inklusiv Landwirtschaft ze ënnerstëtzen an domat zu der Ernärungssécherheet am Ruanda bäizedroen.

Ech war d’läscht Joer op d’Plaz, genau sou wéi am Juni dëst Joer zesumme mam Staatsminister. D’Besoinen genau wéi d’Potential an deem Land si grouss. A gläichzäiteg muss ee selbstverständlech och am Hannerkapp behalen, dass do, wéi an enger Rei vun onse Partnerlänner, net alles perfekt ass. Bei wäitem net. Et däerf een op kee Fall d’Aen verschléissen, virun de Problemer, déi et och hei a puncto Rechststaat a Respekt vun de Mënscherechter ginn. Dofir hunn ech dat och bei menge Visitten d’lescht Joer, an och am Juni dëst Joer, ganz direkt

ugeschwat. An ech hu bei menge Gespréicher, sief dat mam Aussenminister oder mam Finanzminister, e ganzt oppent Ouert dofir fonnt.

## 9. Respekt vun de Mënscherechter

Mir ass et wichteg, dass mir ons an deene Länner, an deene mir präsent sinn, fir d'Verbessere vum Respekt vun de Mënscherechter an dem Rechtsstaat asetzen. Dat kënne mir awer just maachen, wa mir sur place sinn a wa mir déi Saachen uschwätzen. Et kann een entweder d'Situatioun ignoréiren an de Kapp an de Sand stiechen. Oder et kann een d'Problemer déi et ginn, aktiv ugoen a probéieren eppes ze änneren an d'Situatioun ze verbesseren. Ech wäert ëmmer zu deenen zweeten zielen.

D'ekonomesch Dimensioun ass sécher eng wichteg Dimensioun vun der Entwécklung vun engem Land. Mee et ass an däerf net déi eenzeg sinn. An dofier wäerte mir verstäerkt Projeten maachen, déi ganz präzis dorop hinzielen, de Schutz vun de Mënscherechter ze verbesseren. An deene Länner, an deene mir aktiv sinn, wäerte mir en Deel vun onsem Budget dorop verwenden fir Projeten ëmzesetzen, déi zum Ziel hunn, ganz spezifesch de Respekt vun de Mënscherechter ze stäerken. A mir wäerten weider d'sougenannten „*Défenseurs des droits humains*" ënnerstëtze, wéi mir dat zum Beispill mat der ONG *Frontline Defenders* maachen.

## 10. Assisen

An engem Mount wäerte mir op den **Assisen** och d'Geleeënheet hunn fir iwwert dat Thema ze schwätzen. Niewt der Sécurité alimentaire, wäerten d'Mënscherechter als zweet Haaptthema op den Assisen ugeschwat ginn. Ech hätt gär e breeden Austausch zu deem Thema fir nei Iddien an deem Beräich ze diskutéieren an duerno ëmzesetzen.

Ech si frou dass mir, no 3 Joer, endlech erëm kënnen d'Assisen am Présentiel halen. Et ass wichteg, fir deen Austausch ze hunn an et ass gutt, dass och de Cercle erëm bereet ass en Deel vun den Assisen ze gestalten.

## 11. Zesummenaarbecht mat onse Partner

Här President,

dir Dammen an Häeren,

An dësen onsécheren Zäiten, ass et indispensabel sech kënnen op staark Partner ze stäipen, fir ons Ziler ëmzesetzen. A gläichzäiteg ass et wichteg, dass mir selwer e verlässleche Partner um internationale Plang sinn.

### 11.1. EU an international Partner

Dofir ass a bleift ons multilateral Kooperatioun en elementare Bestanddeel vun onsen Aktivitéiten.

#### 11.1.1. Multi

D'Ofkommes, déi mir d'lescht Joer mat verschiddenen UNOs-Agencen ënnerschriwwen hunn, hu mir dëst Joer duerch eng Rei weider Partneriater ergänzt. Sou sinn ech houfreg, dass mir am Juli eisen éischte Partenariat mat UN Women fir 2023-2025 konnten ënnerschreiwen. Dëse setzt e kloert Zeeche fir eng nach méi enk Zesummenaarbecht fir d'Rechter an d'Autonomie vun de Fraen a Meedercher op der ganzer Welt.

Donieft hu mir am Ufank vum Joer och en neit Partenariat iwwer 4 Joer mat der Internationaler Organisatioun fir d'Aarbecht, der OIT, ënnerschriwwen. D'Covid-Kris huet gewisen, wéi wichteg Sozialschutzsystemer sinn, fir d'Mënsche vun alldeeglechen Risiken, systemesche Krisen an Schocken ze schützen. An dorop wäerte mir mat der OIT schaffen.

#### 11.1.2. EU

Ons Entwécklungszesummenaarbecht schreift sech selbstverständlech och weiderhin an eng gemeinsam europäesch Approche an. D'Zesummenaarbecht innerhalb vun der Europäescher Unioun ass iwwert déi läscht Joren ëmmer méi enk ginn an huet am *Team Europe* säin Ausdrock fonnt.

Ob am Kontext vun der COVID-Pandemie oder och bei der aktueller Ernärungskriis: « *Team Europe* » huet bewisen, dass mir zesummen, als Europäer, séier an effikass kënnen hëllefen. Duerch eng effizient Koordinatioun ënnert europäesche Partnere konnte mir zum Beispill

zesummen zousätzlech 600 Milliounen Euro mobiliséieren fir géint den Honger an Afrika, der Karibik an dem Pazifik, virzegoen.

Mir wäerten ons um europäesche Plang weider fir ons Valeuren a Prioritéiten asetzen. An insbesonnesch dofir, dass och déi europäesch Entwécklungszesummenaarbecht sech weiderhin op déi Länner konzentréiere soll, wou d'Besoinen am gréisste sinn, an deene Mënschen hëllefe soll, déi am meeschten a Nout sinn.

Déi nei Strategie vun der EU, de *Global Gateway*, ass e wichtegt Instrument fir den Engagement mat Drëttstaaten. Bei der Ëmsetzung vun där Strategie, dierfen mir als Europa op kee Fall eis fundamental Valeuren an Prinzipien aus den Aen verléieren: d'nohalteg Entwécklungszieler, d'Geschlechtergerechtegkeet an eng ambitiéis Mënscherechtspolitik mussen eis éischt Prioritéit bleiwen.

Mir sinn net dat gréisste Land op der Welt mat deene meeschte Moyenen. Mir brauchen ons europäesch an international Partner, ouni déi mir ons nohalteg Entwécklungszieler net kéinten ëmsetzen. Dofier ass dës Zesummenaarbecht ëmsou méi wichteg an ech si frou, dass mir se weiderféieren an nach verstäerke konnte. Mee net nëmmen op europäeschem an internationalem Plang brauche mir staark Partner.

### 11.2. LuxDev

Fir eng modern an innovativ bilateral Kooperatioun ëmzesetzen, brauchen mir och eng effikass, kompetent an engagéiert *Agence d'exécution* déi bereet ass déi nei Weeër matzegoen. Mir brauchen eng Agence, déi gutt opgestallt ass ze hëllefen, ons bilateral Kooperatiounspolitik ëmzesetzen, an enk mat ons zesummenschafft, sief dat hei an der Capitale oder um Terain.

Zu deem Zweck hu mir an de leschte Wochen a Méint och déi néideg Ännerungen an der Gouvernance vun onser Agence, der LuxDev, gemaach. Mir hunn nei Statuten, en neien *Conseil d'administration* an en neien *Directeur général* en place gesat. Dat alles mam Zil, eng méi effikass an eng méi innovativ Kooperatiounspolitik wéi virdrun kënnen ëmzesetzen.

Ech erwaarde mir dovun eng besser a méi enk Zesummenaarbecht, fir ons Projeten méi séier a méi effizient ze formuléieren an duerno um Terrain ëmzesetzen. An ech muss soen, dass ganz vill Leit vun der LuxDev, déi ech regelméisseg op menge Visitten a Reuniounen begéinen, eng ganz gutt Aarbecht maachen a motivéiert sinn déi nei Weeër mat anzeschloen.

### 11.3. ONG

En anere wichtege Partner sinn d'ONGen. Si hunn eng ganz wichteg Roll an onser Kooperatioun ze spillen. Si sinn um Terrain, si schaffe ganz enk mat lokale Partner zesummen a si kennen d'Besoinen vun de Leit.

Wéi ech elo am Juli a Palästina war, konnt ech mir e Bild maachen vun der schrecklecher Situatioun op der Plaz, a vun der schwieregen Ëmstänn an deene vill Kanner, liewen oder besser

gesot, iwwerliewe mussen. An ech konnt op en Neits erëm gesinn, wéi eng wichteg Aarbecht d'ONGen op der Plaz maachen, zum Beispill am Beräich vun der psychologescher Ënnerstëtzung vun de Kanner, déi ënnert dem Konflikt an der Oppressioun leiden. E Projet wéi den *Teacher's Creative Center* zu Betlehem, ass kruzial, fir d'Kanner opzefänken an hinnen ze hëllefen fir mat hirem Leed, dat se dagdeeglech an de besatene palästinensesche Gebidder erliewen, fäerdeg ze ginn.

91 Lëtzebuerger ONGen hu beim Ministère en Agrément. Si setzen insgesamt ronn 16% vun onser Entwécklungshëllef ëm. Aktuell finanzéiert de Ministère 23 Entwécklungs Accords-Cadren, 2 Accords-Cadren am Konsortium an 93 Entwécklungs-Projeten déi vun 60 ONGen ëmgesat ginn.

D'ONGen bleiwe vun de weltwäite Verwerfungen an der domat verbonnener Präisdeierecht net verschount. Mee, ech hunn et d'lescht Joer gesot an et ass mir wichteg et hei nach eng Kéier ze ënnersträichen: an Zäite vu Covid-Pandemie a vun enger Baisse vum RNB, hate mir onsen Engagement an ons Ënnerstëtzung fir d'ONG'en konstant ganz héich gehalen. Et ass zu kengen Aspueren oder Aschnëtter bei den ONG'en komm. Am Géigendeel: de Ministère huet sech a Covid-Zäiten ganz flexibel gewisen an huet senge Partner erlaabt, Budgeten ëmzeverdeelen, do wou se am meeschte gebraucht gi sinn.

An dat ass och an der aktueller Situatioun net aanescht. Dofir hu mir dofir gesuergt, dass an de Budgeten vun de Projeten déi néideg Flexibilitéit genotzt ka ginn fir op déi aktuell Situatioun ze

reagéieren. Do wou nach Sputt no uewe war, am Kader vun de virgesinne gesetzleche Limitten, konnten d'ONGen zousätzlech Ënnerstëtzung ufroen.

Mee mir ass et wichteg, dass d'ONGen déi essentiell Aarbecht, déi si an der Entwécklungszesummenaarbecht leeschten, och weiderhi kënne maachen. An dofir wäerte mir hinnen eng zousätzlech Ënnerstëtzung bei hiren *Frais administratifs* ginn. Mir wäerten also de Plafong, dee bei der Berechnung vun de *Frais administratifs réels* geholl gëtt fir d'Ënnerstëtzung vum Staat ze rechnen, erëm vu 14 op 15% eropsetzen. Dat heescht ganz konkret, dass mir déi Moossnam, déi 2016 decidéiert gi war, erëm réckgängeg maachen, fir domatt ons ONGen an hierer Aarbecht ze stäerken.

Wéi ech d'lescht Joer ugekënnegt hat, leeë mir e verstäerkten Accent op d'Sensibilisatioun an d'Entwécklungseducatioun, woubäi d'ONGen e wichtege Partner sinn. Dofier hu mir dëst Joer och déi finanziell Mëttelen op däer Budgetslinn staark an d'Luucht gesat, vun 2,7 Milliounen Euro 2021 op 4 Milliounen Euro dëst Joer. A mir hunn zwee Mandater fir de CITIM, de *Centre d'information Tiers Monde*, a fir "*Rethink your clothes*" verlängert. Dat ass e Projet, dee mir och als Ekonomiesminister ganz staark um Häerz läit. Et geet drems, d'Leit doriwwer ze sensibiliséieren, wou hier Kleeder hierkommen, wéi se produzéiert ginn, an e Bewosstsin dofir ze schafen, wéi wichteg eng nohalteg Produktioun a d'Benotze vu Kleeder sinn.

## 12. Appui aux programmes

Niewent der Ënnerstëtzung fir d'ONGen, gi mir och all Joer jonken Unis- oder BTS-Absolventen d'Méiglechkeet sech am Beräich vun der Entwécklungszesummenaarbecht an der Action

humanitaire ze engagéieren. Se kënnen esou éischt berufflech Erfarungen um Terrain sammelen, sief dat als *Junior Professional Officer* oder Volontaire bei den UN-Agencen, als *Assistants techniques juniors* bei der LuxDev an de prioritäre Partnerlänner vun der Lëtzebuerger Kooperatioun, oder an enger EU-Delegatioun als *Jeunes experts* bei der EU-Kommissioun oder beim Auswäertegen Déngscht vun der Europäescher Unioun.

## 13. PERSPECTIVES EN TERMES DE BUDGET ET CONCLUSION

Här Präsident,

D'Finanzministesch huet et virun engem Mount gesot wéi si de Budget fir 2023 virgestallt huet: D'Zeechen vun der wirtschaftlecher Entwécklung sinn net sou positiv wéi mir ons dat géinge wënschen. Trotzdem wäert ons APD, duerch déi wirtschaftlech Entwécklung 2022, dëst Joer viraussiichtlech fir d'éischt Kéier iwwert 500 Milliounen Euro leien. An d'Regierung wäert, wéi och déi Joren virdrun, un hierem Ziel festhalen fir 1% vun onsem Bruttonationalakommes fir d'Entwécklungs- an d'humanitär Hëllef opzewenden. Well mir sinn net eleng op de Welt an e Stuerm bei onsen Noperen huet ëmmer Konsequenzen och op ons. D'Nout an der Welt gëtt net méi kleng an dofir ass et selbstverständlech, dass mir alles maachen, fir dogéint unzekämpfen.

Här President,

Dir Dammen an Hären,

Ech wëll des Ried dëst Joer dem Ann Kemmer a senger Famill widmen. D'Ann Kemmer, ons jonk Chargée d'affaires am Niger, ass leider virun e puer Woche ganz onerwaart verstuerwen. D'Ann war eng extrem kompetent, engagéiert a léif Persoun, déi sech bei ons säit laangem ganz staark

fir d’Entwécklungszesummenaarbecht agesat huet. An onser Kooperatiounsfamill an doriwwer eraus huet d’Ann e grousst Lach hannerlooss a mir wäerten et ni vergiessen.

[kuerz Paus]

Ech well op dëser Plaz och dem Raymond Bausch gedenken, dee vill ze fréi vun ons gaangen ass, an dee mat ganz vill Engagement ee Joer laang de Conseil d’administration vun der LuxDev geleet huet.

Zum Schluss, well ech jidferengem Merci soen, dee sech matt eis zesummen asetzt fir iwwert d’Kooperatioun an d’humanitär Hëllef d’Welt dobaussen zu enger besserer ze maachen. Sief dat bei der LuxDev oder den ONGen, déi sou eng wichteg Aarbecht hei zu Lëtzebuerg an um Terrain leeschten, oder och bei onsen internationale Partner bei der EU oder den UNOs-Agencen. Mee awer och menge Leit am Ministère an op den Ambassaden, ouni déi mir dat alles net kéinten ëmsetzen an déi dat ganzt Joer iwwer esou engagéiert a motivéiert schaffen.

Ouni iech all, kéinte mir ons Zieler net erreechen.

An et ass just zesummen, an enger globaler Solidaritéit, wéi mir déi grouss Erausfuerderunge kënne meeschteren.

Ech soen iech Merci.